ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

De Max Planck Institut (MPI) fir Verfahrensrecht um Kierchbierg huet an der Lescht eng Rei vun interne Problemer. An dem Kontext huet Reporter.lu (13. Februar 2020) op eng Rei vu Froen opmierksam gemaach, déi direkt de Lëtzebuerger Staat concernéieren. Dowéinst wollt ech den Här Minister froen:

1. Wéi eng Zomme krut dem MPI a wéi engem Budgetsjoer vum Staat? Gëtt et dofir e besonnesche Budgetsartikel? Wann nee, firwat net?
2. Ass dee Bäitrag an der Héicht justifizéiert, wann aner Fuerschungsariichtungen, déi substantiell méi Mataarbechter hunn, en änleche Bäitrag kréien?
3. Misst den MPI, deen zu 100% vum Staat finanzéiert gëtt, net dozou invitéiert ginn, seng Finanzen a senge Rapporten transparent a komplett duerzestellen?
4. Firwat gëtt et bis haut nach keen Departement fir Verfahrensrecht a Reguléierung um MPI? Wat ass an där Hisiicht virgesinn?
5. Wéi reagéiert d'Regierung op déi administrativ Defizienze beim MPI?
6. Wéi reagéiert d'Regierung op déi Virwërf vu Mobbing um MPI?
7. Ass d'Regierung am Dialog mat der Max Planck Gesellschaft am Zesummenhank mat deene Kritiken um MPI um Kierchbierg? Wa jo, mat wéi enge Resultater?
8. Wéi evaluéiert d'Regierung déi Aarbecht, déi bis elo vum MPI fir Verfahrensrecht geleescht gouf? Wéi eng Publikatiounen oder Konferenze vun enger reeller, internationaler Bedeitung huet den Institut bis elo opweises? Wéi gesäit d'Regierung de wëssenschaftleche Ruff vum MPI?
9. Wéi evaluéiert d'Max Planck Gesellschaft hir Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerg, allgemeng an och speziell wat den MPI fir Verfahrensrecht ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten